d'Schafe vun der Société nationale de Crédit et d'Investissement an an den Artikelen 140 an 153 vum Chambersreglement festgehalen ass.

D'Kandidatelëscht ass un all Deputéierte verdeelt ginn a läit lech vir. Laut Artikel 148 vun eisem Reglement gëtt de Commissaire aux comptes fir dräi Joer ernannt a seng Nominatioun kann och erneiert ginn. Den Artikel 146 vum Reglement gesäit vir, dass dës Nominatioun duerch eng absolut Majoritéit erfollegt. Déi ongültig an déi wäiss Ziedelen zielen net. Vum drëtten Tour u geet déi relativ Majoritéit duer. Hei huelen nëmmen déi zwee Kandidaten deel, déi am Tour virdrun déi meeschte Stëmme kritt hunn. Bei Stëmmegläichheet kënnt et zu engem zousätzlechen Tour. Op engem gültegen Ziedel däerf nëmmen een eenzegen Numm ugekräizt ginn a soss näischt aneschters. Am Chambersreglement gëtt de Vote par procuration net ernimmt. Et gëtt also nëmme perséinlech ofgestëmmt.

Vote

Deelt elo, wann ech gelift, d'Wahlziedelen aus, an da maache mer den Appel nominal.

Ass de Vote ofgeschloss, dass mer kënnen zum Appel nominal kommen?

Mir hunn zwee Huissieren. Voilà, da fänke mer un.

Appel nominal

Mir hunn e Resultat. Den Här Wies huet 32 Stëmme kritt, déi absolut Majoritéit also, an ass domadder als Commissaire aux comptes vun der SNCI fir déi nächst dräi Joer ernannt.

D'Resultat vum Vote ass folgend:

Total vun de Wahlziedelen:	46
Blank Wahlziedelen:	1
Ongültig Wahlziedelen:	0
Gültig Wahlziedelen:	45
Absolut Majoritéit:	

D'Stëmme si folgendermoosse verdeelt:

M. Pierre Krier	5
M. Romain Thillens	8
M. Patrick Wies	32

Mir intercaléieren d'Question urgente vum honorabelen Här Bëttel iwwert d'Grippe porcine. Här Bëttel, Dir kënnt Är Fro stellen, den Här Minister äntwert.

5. Question urgente N°3315 de M. Xavier Bettel relative à la grippe porcine

M. Xavier Bettel *(DP).*- Merci, Här President. Déi lescht 48 Stonne si selbstverständlech d'Noriichten iwwert d'Schwéngsgripp alarmant gewiescht. Haut de Moien hu mer matgedeelt kritt, dass d'OMS décidéiert huet, d'Alertestuf vun dräi op véier vu sechs eropzesetzen, mä déi meescht Leit dobausse wëssen net ganz genau, wat dat mat sech bréngt. Déi meescht Leit héieren, dass déi éischt Fäll an Europa sinn an dass a Mexiko Leit un dëser Gripp gestuerwe sinn. Dowéinst, gëschter Owend huet de Minister zwar, muss ee jo soen, op der Televisioun och schonn eng Rëtsch vun Informatioune ginn.

Mä meng prezis Froe sinn, wéi eng Mesures de précaution zu Lëtzebuerg kënne geholl ginn, fir de Risque ze minimiséieren, fir dass esou eng Gripp Irruptioun mécht.

Wéi eng Recommandatioun soll een de Leit am Fong ginn, fir de Risiko vun enger Infektioun ze reduzéieren?

An dann nach, et ass och gesot ginn, dass en Donneschdeg jo eng extraordinär Sitzung sollt si vun de Gesondheetsministeren aus der EU. Ech ka mer virstellen, dass dat selbstverständlech och Diskussioune musse sinn, mä: Wat wäert d'Haltung vun eiser Regierung sinn, fir och op europäeschem Niveau vis-à-vis vun der Grippe porcine ze agéieren?

Här President, ech soen lech Merci, dass och d'Urgence unerkannt ginn ass. Ech mengen, et ass eng wichteg Fro, déi och ganz, ganz vill Leit interesséiert. Ech soen dem Minister och Merci, dass en direkt schonn hei ass, fir eis Äntwerten ze ginn.

M. le Président.- Merci, Här Bettel. Den Här Mars Di Bartolomeo, Gesondheetsminister, huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol festgestallt, dass d'Problematik ëm déi sougenannte Schwéngsgripp oder - besser - mexikanesch Gripp eis net onvirbereet trëfft. Duerch reell oder potenziell Krise wéi de SARS oder säit 2005 déi potenziell Vullegripp ass Lëtzebuerg gutt opgestallt, fir op esou eng Situatioun zu reagéieren. D'Reflexer sinn do, an d'Kontakter - national wéi international - goufen opgebaut.

Mä vläicht der Rei no. Fir d'éischt emol e kuerzen Iwwerbléck iwwert d'Situatioun um Terrain. Fait ass, dass e méi oder manner neie Virus, den H1N1, a Mexiko opgetratt ass a sech net nëmme vun Déier op Mënsch, mä och, an dat ass aneschtes wéi bei der Vullegripp, vu Mënsch zu Mënsch iwwerdréit. Dat ass ee vun deenen elo confirméierte Faiten.

Et sinn eng Rei vu Fäll a Mexiko, dorënner och déidlech Fäll, opgetratt. Geneet Zuelematerial gëtt et net. Et gëtt eng Kéier vu méi wéi 100 Fäll geschwat, eng Kéier vu manner wéi 100 Fäll. Et gëtt eng Kéier vu 50 oder 80 Doudesfäll geschwat. D'OMS ass an hire Schätzunge vill méi virsiichteg, well keng kontrolléiert oder validéiert Donnéeën do sinn. Duerfir sinn am Moment Équipë vun der OMS op der Plaz. Ech mengen, et muss een ofwaarden, bis se hir Konklusioune gezunn hunn.

Dat heescht also, aus Mexiko komme relativ widderspréchlech Informatiounen. Fakt ass, dass an den USA an a Kanada och eng Rei vu Fäll opgetruede sinn a bis haut keen déidleche Fall derbäi war. D'Krankheet ass an den USA, a Kanada an och elo an deenen eenzelne Fäll, déi ausserhalb vum amerikanesche Raum opgetruede sinn, vill méi glimpflech verlaf. Et si bis haut keng Doudesfäll ze vermellen. An deenen dote Regiounen ass d'Krankheet éischter verlaf wéi eng bekannte Gripp, also ouni dee letalen Effekt.

Eenzel Fäll sinn an der Zwëschenzäit och an der EU opgetaucht. Eenzelner si confirméiert ginn, anerer sinn net confirméiert ginn.

D'OMS huet zum Enn vun der Woch fir d'éischt e mëttlere Risiko festgehalen, huet dee Risiko awer liicht opgestuuft elo zënter gëschter vun der Stuf dräi op d'Stuf véier. D'Experten zu Genf soen, et ass éischter no dräi wéi no fënnef, mä Fait ass, dass eigentlech déi Risikoastufung méi a Konkordanz gesat ginn ass mat deenen Aussoen, déi an der Öffentlechkeet gemaach gi sinn.

Et kann een also kloer soen, dass et e Risiko laut OMS gëtt fir eng Pandemie, mä et op där anerer Säit Chancë gëtt, fir net an déi dote Situatioun eranzekommen. Dat heescht, et ass een an enger Situatioun, wou een net all d'Detailer huet. Déi nächst Deeg wäerte wichteg sinn, well déi wäerten erlaben, fir anzeschätzen, wéi aggressiv dee Virus a Wierklechkeet ass, wéi effikass déi antiviral Medikamenter - Dir kennt se - Tamiflu, Relenza wierken a wéi se de Virus a Grenze kënnen halen, wéi awer och, wéi schnell de Virus sech ka verbreeden.

Nodeem éischt Warnunge vun der OMS Enn der Woch erausgaange sinn, hunn eis Responsabel vun der Santé a ronderëm gutt an effikass geschafft zesumme mam Aussenministère, zesumme mam Transportministère, Experten a Vertrieder vun eisem Gesondheetswiesen, och an enkem Kontakt mam Laboratoire national de santé, well et hie wäert sinn - wa sengerliewe Verdachtsmomenter géifen zu Lëtzebuerg optauchen -, deen d'Tester misst iwwerhuelen, fir festzestellen: Ass et eng Warnung, déi zu Recht kënnt, oder ass et falschen Alarm?

E Samschdegowend ass en éischte Communiqué vun der Santé erausgaange mat deenen Informatiounen, déi mer bis dohin haten, mat Virsiichtsmoossnamen un d'Adress vun der allgemenger Populatioun, awer och vun de Reesenden. E Méindeg hu mer méi kloer, méi detailléiert Informatiounen un déi Reesend, un d'Voyageuren erausginn. Mir ware mat Frankräich dat éischt Land an Europa, dat geroden huet, wann et net onbedéngt noutwendeg wär, Mexiko bei Reesen ze meiden. Mir mengen, dass dat net ze héich gegraff ass, dass do de Principe de précaution gëllt. Et si keng ähnlech Empfehlunge bis elo gemaach fir den amerikanesche Raum.

Mir hunn zesumme mat de Responsabele vum Findel Informatiounspanneauen um Findel wéi sengerzäit bei der Gefor vun der Vullegripp installéiert, wou mer déi Leit, déi reesen, déi fortfléien, informéieren, wat fir eng Virsiichtsmoosname se solle respektéieren. An déi, déi erëmkommen aus engem Gebitt, wou de Virus opgetaucht ass, op wat dass se sollen oppassen, ganz kuerz résuméiert, an deenen éischten Deeg oppassen op d'Signaler, déi vum Kierper kommen. A wa Symptomer optauchen, déi grippeähnlech sinn, da solle se bei hiren Dokter goen oder se solle sech beim 112 mellen.

Ech géif dem President vläicht ee vun deene Panneauen iwwerginn, wéi se am Moment um Findel ze fanne sinn.

Mir hunn an der Zwëschenzäit d'Dokteren informéiert iwwert déi Prozeduren, déi, am Fall, wou - an ech ënnersträichen, am Fall, wou - deen net do ass, ze beuechten ass, Informatiounen un d'Spideeler. En veilleuse ass de Service national fir d'infektiös Krankheeten, mat un der Spëtzt ganz gutt Experten.

Den Owend kënnt d'Cellule zesummen, déi sengerzäit agesat ginn ass am Zesummenhang mat der sougenannter Vullegripp, wou all Administratiounen, déi betraff sinn, dra vertruede sinn. Mir hunn an der Zwëschenzäit e Briefing fir d'Leit vum 112 gemaach, wa Froen op se zoukommen, an eis Servicer sti schnell an effikass mat Informatiounen zur Verfügung.

Mir hunn och décidéiert, obwuel dass déi saisonal Gripp am Moment amgaang ass auszelafen, eise sougenannte Sentinelle-System bäizebehalen. Dat ass e Réseau vun de Generalisten, déi jeeweileg Grippeaktivitéit melden, a wann eng Grippeaktivitéit sech weist, se un d'Santé weiderginn, fir dass mer kënnen dorop reagéieren.

Zënter dem Weekend, zënter dem Samschdeg fannen doriwwer eraus deeglech Télefonskonferenze vun eise Responsabele mat de Kolleege vun de 27 an de Responsabele vun der OMS, der Weltgesondheetsorganisatioun, an dem ECDC - dat ass deen europäeschen Zentrum, deen zënter 2005 fonctionnéiert fir ustiechend Krankheeten - statt, fir déi lescht Informatiounen auszetauschen.

D'Prozeduren an engem Fall vun enger méi grousser Grippeepidemie sinn hei zu Lëtzebuerg zënter geraumer Zäit opgestallt am Rahme vun engem Grippeplang. Zu deene Preparatioune gehéieren eis Stocke vun antivirale Medikamenter. Dir kennt se ënnert dem Begrëff Tamiflu a Relenza. A bei deene Stocke gehéiere mer zu deene puer Länner mat deenen héchste Stocken. Mir hunn e Prozentsaz ofgedeckt, deen ni bis elo vun enger Pandemie erreecht ginn ass, esou dass ee kann no bausse soen, wann et da sollt kommen, an et sinn am Moment keng Signaler do, dass et virun der Dier steet, dann hätte mer genuch Medikamenter, fir jiddwereen, deen eventuell krank géif ginn, kënnen ze traitéieren. Doriwwer eraus hu mer och e ganz grousse Stock vu Masken ugeluecht.

Den nächsten Donneschdeg wäert hei um Kierchbierg de Gesondheetsministerrot zesummentreffen, fir sech mat der Situatioun ausenanerzesetzen. E brauch net elo unzefänken, fir sech ze konzertéieren. Zënter enger Rei vu Jore gi mer dervun aus, dass d'Gesondheetsministeren, och wann d'Gesondheet net zu deene Beräicher gehéiert, wou Europa eng oder d'EU eng ausgeprägte Verantwortung huet, dass mer eis konzertéieren. An dass mer, wuelwëssend, dass esou Krankheeten net virun eise Grenzen Halt maachen, och grenziwwerschreidend déi dote Preparatioun maachen.

Fazit zum jëtzegen Zäitpunkt: Mir hunn a klengen Équipen zënter e Freideg dat gemaach, wat ze maache war. De Message eraus, ganz kloer, et gëtt am Moment wierklech kee Grond zur Panik. D'OMS huet och kloer matgedeelt, dass dee Virus sech net iwwert d'lessen, besonnesch net iwwert d'lesse vu gekachtem Schwéngefleesch iwwerdréit.

Ech mengen, dat ass ee Fakt, deen een awer muss eranhuelen. Et ass eng Krankheet, déi sech iwwerdréit, wéi d'Gripp sech iwwerdréit, dat heescht duerch déi kleng Drëpsen, déi ee beim Houschten oder beim Néitzen oder beim Handreechen oder beim Drécken, ech weess net wat, iwwerdréit, an dofir mengen ech, wann een an d'Ausland geet, soll een déi elementar Hygiènesmoossname respektéieren.

Ech wollt hei op dëser Tribün net berouegen. Just Fakten op den Dësch leeën. Mär weisen eng erhéichten Opmierksamkeet, eng erhéichte Vigilance. A mer wäerten de Leit jiddwer Zäit an a regelméissegen Ofstänn en Update maache vun der Situatioun, wann néideg mat Communiquéen oder, wann et méi akut géif ginn, iwwer aner Kommunikatiounsméiglechkeeten.

Ech soen lech Merci, Här President, dass Der mer Zäit gelooss hutt fir deen Iwwerbléck ze maachen, fir eng realistesch Duerstellung ze maache vu Risiken a Chancen, déi am Moment op eiser Säit stinn.

Merci villmools.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Den éischte Projet, dee mer haut wëllen diskutéieren, ass d'Direktiv iwwert de Groupement européen de coopération territoriale. D'Wuert huet elo zu dësem Projet de Rapporteur, den honorabelen Här Gilles Roth. An et ass ageschriwwen als Riednerin d'Madame Mutsch mat 15 Minutten. An den Här Etgen.

6. 5828 - Projet de loi portant diverses mesures d'application du règlement (CE) N°1082/2006 du Parlement européen et du Conseil du 5 juillet 2006 relatif à un groupement européen de coopération territoriale (GECT)

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

M. Gilles Roth *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5828 ënnersträicht, wéi komplizéiert et heiansdo ass, europäescht Recht an nationaalt Recht ëmzesetzen.

De Gesetzesprojet huet zum Zweck, hei zu Lëtzebuerg déi néideg legal Rumm ze schafen, fir e sougenannte Groupement européen de coopération territoriale, besser bekannt ënnert senger Ofkierzung GECT ze schafen.

D'Organisatioun an d'Funktiounsweis vun engem GECT ass eigentlech duerch en europäescht Reglement vum 5. Juli 2006 geregelt. Dëst géif déi ganz Saach u sech séier einfach maachen, well en europäescht Reglement an de Memberstate prinzipiell direkt unzewenden ass. D'Schwieregkeet bestoung an dësem konkrete Fall awer doran, dass d'Reglement selwer op verschidde Punkten de Memberstaten een Ermiessungsspillraum léisst. Iwwert d'Aart a Weis, wéi dësen Ermiessungsspillraum sollt genotzt ginn, hu sech d'Geeschter tëschent Regierung a Statsrot gescheet.

No enger Rei vun ugereegte Schréftwiessel tëschent Regierung a Statsrot iwwert d'Grondausriichtung vun dem Gesetzesprojet, gouf den urspréngleche Regierungstext fundamental amendéiert. Et ass dat och d'Ursaach, dass de Projet de loi, dee sech op siwen Artikele beschränkt, ronn annerhalleft Joer, nodeems en déposéiert gouf, elo zur Ofstëmmung kënnt.

Här President, e Groupement européen de coopération territoriale, e GECT, huet als Zil, déi grenziwwerschreidend regional Zesummenaarbecht ze förderen. De GECT huet als Virdeel, eng eege Personnalité juridique ze hunn. E GECT kann esou Immobilië kafen a verkafen, e kann eegent Personal beschäftegen. D'Membere vun engem GECT kënne prinzipiell souwuel Staten, Regiounen, Gemengen oder all aner öffentlech Entitéite sinn.

De Virdeel läit doran, dass öffentlech Institutiounen an Etablissementer aus verschiddene Länner sech an engem GECT kënnen zesummendinn, ouni dass doduerch muss een internationale Statevertrag gemaach ginn, deen dann och nach vun de jeeweilegen nationale Parlamenter muss ofgeseent ginn. Eenzeg Bedéngung ass déi, dass d'Memberstaten als solch hiert Averständnis ginn, wann eng öffentlech Institutioun aus hirem Land Member vun engem GECT gëtt.

Een aneren Avantage ass deen, dass e GECT europäesch Fördergelder direkt ka kréien, déi da vun dem GECT fir e konkrete Projet genotzt kënne ginn. Dëst ass net ze vernoléissegen. Och hei zu Lëtzebuerg kënne mir iwwert dee Wee Suen aus de Bréisseler Strukturfonge wéi dem Interreg-Programm kréien.

An der Praxis huelen déi öffentlech Institutiounen, déi sech an engem GECT wëllen zesummeschléissen, et sinn dat zum Beispill Gemengen oder Gemengesyndikater aus zwee Nopeschlänner, d'Initiativ fir dat ze maachen. Si schaffen eng Konventioun aus, déi festleet, wat fir eng Missiounen de GECT huet, wéi d'Direktiounsorganer vun dem GECT sech zesummesetzen a fonctionnéieren, no wat fir enge Regelen d'Décisioune geholl ginn, no wat fir enge Modali-

téiten d'Personal agestallt a geféiert gëtt, wat de finanzielle Bäitrag vun de Memberen ass, grad wéi hir Responsabilitéiten, wann eppes schifleeft.

D'Missioun vun dem GECT ass dobäi ëmmer am Interessi vun der wirtschaftlecher an der sozialer Kohesioun. D'Konte vun dem GECT mussen duerfir no enger jährlecher Kontabilitéit gefouert ginn. Si ënnerleien och dem Contrôle vun deem Land, wou de GECT säi Sëtz huet.

Här President, fir déi grenziwwerschreidend Kooperatioun gëtt et am internationale Recht bis elo eng europäesch Kaderkonventioun. Et ass déi sougenannte Convention-cadre vu Madrid, déi eist Land am Joer 1982 schonns ratifizéiert huet. Dernieft gëtt et och de sougenannten „Karlsruher Vertrag", deen am Joer '96 tëschent Däitschland, Frankräich, der Schwäiz a Lëtzebuerg ënnerschriwwe gouf.

Dës Accorden hunn awer an der Praxis net de grousse Succès kannt. Si ware vläicht ze ëmständlech an der konkreter Ëmsetzung um Terrain. Dat eenzegt Beispill vun engem grenziwwerschreidenden Zesummeschloss mat Lëtzebuerger Bedeelegung op Basis vun dem „Karlsruher Vertrag" ass den „Zweckverband Internationales Sport-, Kultur- und Freizeitzentrum Ralingen-Rosport" aus de Joren 2005 an 2006.

Här President, wéi uganks gesot, kläert de Gesetzesprojet zousätzlech zu dem europäesche Reglement eng Rei vu Froen aus spezifesch Lëtzebuerger Siicht. Sou gesäit de Projet de loi vir, dass souwuel de Lëtzebuerger Stat, d'Gemengen, d'Gemengesyndikater, aner öffentlech Etablissementer, déi am Industrie- oder Handelsberäich täteg sinn, a wou de Stat oder d'Gemengen eng majoritär Bedeelegung hunn, grad wéi Zesummeschlëss vun deene viregten Entitéite kënne Member vun engem GECT sinn. Si kënne souwuel Member vun engem GECT sinn, dee säi Sëtz hei am Land huet, grad wéi an engem GECT, deen an engem aneren EU-Memberstat usässeg ass.

Dës Lëscht vu potenzielle Memberen ass op Virschlag vun dem Statsrot wëllentlech breetgehale ginn, fir e Maximum vu Méiglechkeeten ze ginn, iwwert de GECT grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht ze maachen.

De Gesetzesprojet preziséiert och, dass d'Décisioun fir engem GECT bäizetriede vun de gesetzlechen Organer vun de jeeweilege Membere muss geholl ginn. Bei enger Gemeng ass dat de Gemengerot a bei engem Gemengesyndikat säi Comité.

Den Text hält fest, dass et de Regierungsmember ass, dee fir d'Landesplanung zoustänneg ass, deem muss matgedeelt ginn, wann ee wëllt Member vun engem GECT ginn. Den zoustännege Minister muss dann am Virfeld de Projet vun de Statuten an der Konventioun vun dem GECT kréien.

Déi definitiv Autorisatioun, fir kënne Member vun engem GECT ze ginn, ënnerläit bei eis am Land engem Arrêté grand-ducal, dee muss op Avis vun dem Statsrot geholl ginn.

De Gesetzesprojet gesäit och vir, dass all Ëmännerung an de Statuten oder der Konventioun, déi d'Zesummenaarbecht an dem GECT regelt, duerch en Arrêté grand-ducal approuvéiert muss ginn.

Dës formell Approbatioun ass virgesinn, fir dass eng Kontroll do ass, wat eng öffentlech Institutioun oder en öffentlech rechtlecht Etablissement engagéiert. Zum Beispill kënnt eng Bedeelegung vun enger Gemeng, engem Gemengesyndikat oder soss engem Établissement public refuséiert ginn, wann esou eng Bedeelegung net am Intérêt général wär oder géint d'öffentlech Uerdnung géif verstousse respektiv net am Aklang mat dem europäesche Recht wär. Dëst zielt fir eng Bedeelegung an engem GECT, deen hei am Land usässeg ass oder deen am Ausland säi Sëtz huet.

De Gesetzesprojet gesäit schliesslech nach vir, dass d'Konte vun engem GECT, dee säi Sëtz zu Lëtzebuerg huet, duerch déi Lëtzebuerger Cour des Comptes kontrolléiert ginn.

Här President, a senge verschiddenen Avisen hat de Statsrot nach eng Rei vu Froen opgeworf, op déi de schréftleche Rapport méi am Detail ageet. E puer siefen der just erausgepickt.

Op d'Fro vun der Responsabilitéit vun de Membere vun engem GECT bei finanzielle Problemer huet d'Kommissioun op d'Gesetzgebung vun den Nopeschlänner wéi Frankräich an der Belsch verwisen, déi och keng spezifesch Regelunge virgesinn. Et gouf an deem Kontext och rappeléiert, dass d'Membere vun engem GECT lauter öffentlech Institutioune sinn.

De Statsrot wollt och eng Opléisungsprozedur fir de GECT an d'Gesetz aschreiwen. D'Kommissioun huet hei drop verwisen, dass dës Prozedur an de Statute vun engem GECT verankert gëtt, déi jo vun der Regierung approuvéiert musse ginn.

Schliesslech hat de Conseil d'État nach de Virschlag gemaach, fir d'Statute vun dem GECT an dem Handelsregëster anzedroen. Hei huet d'Kommissioun zréckbehalen, dass opgrond vun eiser interner Législatioun dës Akte schonns an dem Mémorial A musse publizéiert ginn.

Wat schliesslech d'Fro vun dem Statut vun dem Personal vun engem GECT ugeet, esou lëscht de schréftleche Rapport déi verschidde Méiglechkeeten op. De GECT, dee säi Sëtz zu Lëtzebuerg huet, ass eisem Gesetz no eng Personne morale de droit public. D'Personal kann also no dem Statut vun der Fonction publique rekrutéiert ginn. An deem Fall geschitt d'Astellung no de Kritären, wéi se fir Stats- a Gemengefonctionnairen oder Employëë gülteg sinn. Den Detail vun den Astellungsdécisioune respektiv -gehälter muss an de Statute vun dem GECT ageschriwwe ginn.

E GECT kann awer och d'Leit ënnert dem Regime vun dem Salarié astellen. D'Astellungs- an d'Gehaltsmodalitéite mussen dann och an d'Statuten ageschriwwe ginn.

En Détachement vu Fonctionnairen oder Beamte vun enger Lëtzebuerger Entitéit, déi Member vun engem auslännesche GECT ass, un dëse GECT ass och méiglech. An dësem Fall spillen dann ähnlech Regelen, wéi se am Statsbeamtestatut bei engem Détachement op eng international Institutioun virgesi sinn.

Här President, dat waren a kuerzen Zich déi Haaptpunkte vun dem Gesetzesprojet, deen elo d'Schafe vun engem GECT hei zu Lëtzebuerg respektiv d'Bedeelegung vun enger Lëtzebuerger Entitéit an engem GECT, dee säi Sëtz am Ausland huet, virgesinn. Et ass e wichtegt Instrument an enger grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht, besonnesch am Kader vun der Groussregioun.

Eng éischt konkret Applicatioun kënnt bei eis am Land mat engem GECT ginn am Kader vun dem Aménagement vun dem Site op Belval, wou laanscht déi franséisch Grenz eenzel Deeler vu franséischen Nopeschgemengen drënner falen.

Ech verweise fir de Rescht op mäi schréftleche Rapport, deen unanime vun der Intérieurskommissioun ugeholl gouf an dee recommandéiert, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Etgen.

Discussion générale

M. Fernand Etgen *(DP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de GECT, en europäesche Verbond fir territorial Zesummenaarbecht, soll virun allem een neien Ustouss gi fir dës territorial Zesummenaarbecht. Als neit Instrument soll en eng Impulswierkung op déi öffentlech-rechtlech Territorial-Kierperschaften ausüben. De GECT ass duerch ee communautairet Reglement an d'Welt gesat ginn, an opgrond vum „self-executing" Charakter vun esou Reglementer läit dat eigentlecht juristescht Statut fest, an et läit just un den eenzelne Memberlänner fir d'Spillregele festzeleeën.

De Rapporteur Gilles Roth huet eis dat op eng exzellent Manéier a sengem schréftleche Rapport wéi och a sengem mëndleche Virtrag duergeluecht, an ech wëll him duerfir félicitéieren an ausdrécklech Merci soen.

Ech mengen, ech brauch déi Wéinegst heibanne vun enger Verdéiwung vum europäeschen Integratiounsprozess ze iwwerzeegen. Bremsklotz ware ganz oft déi bestehend Gouvernanceléisungen, déi de Bedürfnisser net ugepasst waren. Déi transregional Zesummenaarbecht war e ganz opwändege Pabeiertiger. Ëmmer erëm gouf et Problemer bei der Gestioun vun Interreg-Projete géintiwwer de verschiddenen a verschiddensten nationale Gesetzgebungen.

Och d'Groupements européens d'intérêt économique ware keng Äntwert fir Problemer ze léisen, well se ze vill op kommerziell Aktivitéiten orientéiert sinn. De GECT ass eng Äntwert. De GECT ass e méi staarke Partner géintiwwer de regionalen, nationalen an europäeschen Autoritéiten an huet virun allem eng besser Visibilitéit.

Här President, ech sinn iwwerzeegt, datt déi territorial Dimensioun an der Zukunft an der europäescher Kohesiounspolitik eng méi staark Roll spille muss. Déi regional Zesummenaarbecht huet schonn eng grouss Plusvalue bruecht. De GECT kann dës Plus-valuen nach substanziell no uewe schrauwen, besonnesch bei der Léisung vu Problemer, déi a wirtschaftlecher, sozialer, kultureller an ökologescher Hisiicht vun zentraler Bedeitung sinn.

Firwat? Well et direkt dem Acquis communautaire entspréngt an doduerch et méi effikass an dynamesch mécht, wéi déi klassesch Kooperatiounsinstrumenter. Domadder wëll ech beileiwen net soen, datt d'bestehend Kooperatiounsinstrumenter sollen ofgeschaf ginn oder parallell Strukturen opgebaut musse ginn. Neen, de GECT bitt eng Alternativ fir transeuropäesch territorial Zesummenaarbecht, well e beim Ausschaffen a beim Ëmsetze vun europäesche Politiken zu engem méi offenen, demokrateschen an transparente Regéieren an Europa bäidréit.

Mir hunn elo de GECT an et gëllt elo d'Notzung vum GECT bekannt ze maachen. Ech wëll dofir en Appel un d'Regierung maachen, well mir brauchen elo Mobiliséierungs- a Kommunikatiounsinitiativen, fir d'Instrument GECT ze propagéieren. Et gëllt elo d'Méiglechkeeten opzeweisen, fir grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht tëschent lokalen an europäesche Kollektivitéiten optimal notzen ze kënnen.

Wa mer vu Kooperatioun um regionalen Niveau schwätzen, kommen ech net derlaanscht ze soen, datt dës Kooperatioun duerch ee bessert horizontaalt Zesummeschaffen tëschent deene verschiddene Ministèren hei am Land ufänkt, eréischt dann däerfe mer ee Bléck no vir an d'Groussregioun werfen.

De GECT bitt eis elo d'Méiglechkeet, déi vill gutt Iddien, déi et am Kader vun der Groussregioun gëtt, virunzedreiwen. Hei hu mer eis allze oft wéinst prozeduralem Geplänkels laanscht konkret Kooperatiounen diskutéiert. Mir hunn elo eng Ausried manner, an elo geet et einfach dorëms, ob mer de politesche Wëllen hunn, aus der Groussregioun och dat ze maachen, wat mer soen. Abee, ech si gespaant, ob elo eng „GECT-omanie" ausbrécht.

Wann d'Zukunft vun Europa an de Regioune läit, wat ech mer duerchaus virstelle kann, da musse mer och de politesche Wëllen opbréngen a richteg konkret ginn, fir Europa de Leit méi no ze bréngen. Et ass un der Politik, de Kader ze schafen, datt dat Europa vun de Regioune Realitéit gëtt. Da gëtt nämlech och Europa bei de Leit Realitéit. D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei stëmmt natierlech dëse Projet an der Hoffnung, datt e fir neie Wand an der grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht suergt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Etgen. Déi honorabel Madame Lydia Mutsch huet elo d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de GECT gouf also duerch en europäescht Reglement vum 5. Juli 2006 an d'Liewe geruff. Wéi et hei elo scho vu menge Virriedner gesot ginn ass, sinn eigentlech EU-Reglementer direkt applizéierbar a brauchen u sech guer net an nationaalt Recht transposéiert ze ginn. Dëst Reglement definéiert de juristesche Statut an d'Gestioun vum GECT. Dëse Gesetzesprojet complétéiert also am Fong d'EU-Reglement, andeems verschidden Dispositioune preziséiert ginn.

Zum Inhalt elo: Dëse Projet erméiglecht de lokalen a regionalen Autoritéiten eng nei Struktur, eben de Groupement européen de coopération territoriale, GECT genannt, fir kënne grenziwwerschreidend besser zesummenzeschaffen. Besonnesch fir Gemengen, déi un de Grenze vun eisem Land ugesiedelt sinn, gëtt de GECT, awer net nëmme fir si, eng ganz wichteg an nëtzlech Innovatioun.

D'Bedeitung vun de Gemenge bei der Entwécklung a Gestaltung vum nationalen a regionale Raum gëtt haut net méi contestéiert a kritt ëmmer méi Unerkennung. Dëse Projet de loi ënnersträicht dës Entwécklung. Koordinéiert a concertéiert Aktiounen tëschent Partner um interkommunalen a regionale Plang spillen heibäi eng ganz wichteg Roll. Nieft de festgeluechtene Modalitéiten, déi am EU-Reglement sinn, gëtt de Fonctionnement vum GECT an Zukunft duerch eng Konventioun tëschent de concernéierten Acteure geregelt.

Op Basis vun dëser Konventioun ginn dann d'Statuten, also d'Décisiounsprozeduren, d'Décisiounsorganer, d'Unzuel vun de Représentanten an den Décisiounsorganer, d'Gestioun vum Personal, d'finanziell Bedeelegung vun de verschiddene Memberen, d'Responsabilitéiten an esou weider festgeluecht. Fir all déi Dispositiounen, déi net am EU-Reglement detailléiert sinn, ënnerläit de GECT dem nationale Recht vun deem Land, wou säi Siège dee Moment ass. De GECT ass deemno eng Plattform fir grenziwwerschreidend lokal a regional Zesummenaarbecht, déi vill Virdeeler a Vereinfachungen um administrativen a prozedurale Plang mat sech bréngt.

Éischtens, e GECT brauch kee bilateralen oder multilateralen a vun den nationale Parlamenter ratifizéierten Accord als legal Basis. D'Regierung muss just, ënner Guillemeten, „au préalable" hiren Accord via Arrêté grand-ducal ginn, fir dass zum Beispill eng Gemeng oder e Gemengesyndikat ka Member vun esou engem GECT ginn. Par rapport zum Ist-Zoustand bréngt dat vill méi Flexibilitéit mat sech. De Stat selwer kann iwwregens och an engem GECT partizipéieren, genee wéi och aner Organismes de droit public.

Zweetens, am Géigendeel zu anere Strukturen, déi esou eng Zesummenaarbecht an der Vergaangenheet géréiert hunn, kritt de GECT eng richteg Personnalité juridique, wat et zum Beispill erméiglecht, Immobilien ze erwerben, Personal anzestellen oder och juristesch virzegoen.

An drëttens, ee GECT kann direkt vun europäesche Fongen, also zum Beispill dem Fonds européen de développement régional, finanziell ënnerstëtzt ginn. Gelder kënnen also schnell, direkt an onkomplizéiert a grenziwwerschreidend Projete fléissen.

Am Résumé, de GECT wäert et deemno erméiglechen, verschidde legislativ an administrativ Hürden net mussen ze goen, déi momentan d'Realisatioun vu grenziwwerschreidende Projeten oft schwéierfälleg bis bal onméiglech maachen. Grenziwwerschreidend Projeten, déi déi sozial a wirtschaftlech Kohesioun solle stäerken, kënnen also duerch a mam GECT méi effikass a méi schnell geplangt, finanzéiert an och ëmgesat ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, schonn ier dëse Gesetzesprojet vum Innenminister deponéiert gouf, also de 17. Januar 2008, si Viraarbechten am Süde vum Land ënnert dem Impuls vun Esch, Suessem, Schëffleng a Monnerech entaméiert ginn. Dës Gemengen hu sech mat hiren aacht franséischen Nopeschgemengen, déi an der Communauté de Communes du Pays Haut/Val d'Alzette CCPHVA regruppéiert sinn, zesummegedoen, fir zesummen eben e gemeinsame GECT op d'Been ze setzen.

Den 19. Mäerz 2007 hunn d'Buergermeeschtere vun de genannte Gemengen eng entspriechend Absichtserklärung ënnerschriwwen, mam Beschloss, déi gemeinsam Zesummenaarbecht opzebauen an ze förderen. Dëst mam Bléck op d'Wuel an den Notze vun hire Bierger, awer och am Hibléck op d'Frontalieren, déi dagdeeglech eis Grenze passéieren. An deene leschten zwee Joer ass weider un der Schafung vun engem GECT tëschent deenen opgezieltene Gemenge gefeilt ginn, och am Kontakt mat de Responsabele vum Ministère de l'Aménagement du Territoire vum Intérieur.

Déi véier Südgemengen an hir Partnergemengen op franséischer Säit hunn e grenziwwerschreidende Gemengerot an d'Liewe geruff. Et goufen eng ganz Rei Domänen opgelëscht an thematiséiert, an deenen de GECT konkret Projete realiséiere kënnt, zum Beispill d'Ausschaffe vun engem Plan de développement de la région transfrontalière, oder och Froe vun der Mobilitéit a vum öffentlechen Transport, déi vun Ufank u prioritär waren. D'Froe vum Logement, d'Revaloriséierung vum Site Belval an och vum Site Belval op franséischer Säit, mat Micheville zesummen, an esou weider an esou fort.

Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi ëmmer wann een Neiland betrëtt, an dëst ass Neiland fir de Stat a fir d'Gemengen hei am Land, da ginn Diskussioune gefouert a Froe gestallt, déi musse beäntwert ginn am Zesummenhang mam Kräfteverhältnis tëschent Stat a Gemengen, fir de Fall wou de Stat an eng Struktur mat eraklëmmt, am Zesummenhang mam Rôle a mat der Souveränitéit vun de Gemengeréit, oder och am Zesummenhang mat de

juristeschen, finanziellen a personellen Engagementer, déi grenziwwerschreidend ze huele sinn.

Fazit: Éischtens, de GECT ass e gutt an nëtzlecht Instrument, fir déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht op eng innovativ a professionell Aart a Weis virunzedreiwen an iwwer konkret Projeten ëmzesetzen. Zweetens, et muss een, wéi bei alle Projeten, mat deenen ee bereet ass, nei Weeër anzeschloen, matenee schwätzen a Problemer, wa se do sinn a wou se sinn, aus dem Wee raumen.

Eis Fraktioun, Här President, ass iwwerzeegt, dass beim GECT déi positiv Aspekter bäi Wäitem iwwerweien an dass en eng eemoleg Chance ass, fir eng nei a vill verspriechend Etapp vun der grenziwwerschreidender Kooperatioun ze entaméieren. Duerfir kann ech, mat engem ofschléissende Merci un de Rapporteur vum Projet, lech den Accord vu menger Fraktioun mat op de Wee ginn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Et ass soss kee Riedner méi ageschriwwen. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf huet elo d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de GECT oder och nach EVTZ am däitsche Sproochgebrauch, Europäischer Verbund Territorialer Zusammenarbeit, ass eng Initiativ vun der Kommissioun, a sécherlech ass den Hannergedanken, deen den Här Etgen opgeworf huet, dee vun enger territorialer Kohesioun an Europa. Déi territorial Kohesioun wäert en Objektiv gi vun Europa, vun der EU, wann de Lissabonner Vertrag a Kraaft wäert trieden, wat jo sécherlech net méi wäert ze laang daueren.

An ech si frou hei ee grousse Konsensus fonnt ze hunn, eng grouss Iwwerzeegung, dass de GECT eng besser juristesch Basis fir d'Zesummenaarbecht - déi et an Europa gëtt iwwert d'Grenzen ewech -, e bessert Instrument ass wéi dat, wat mer elo de Moment hunn a wat scho laang am Gebrauch ass. D'Stéchwierder ware bis elo ëmmer, si si gefall, d'europäesch Kaderkonventioun vu Madrid, den Accord oder de Vertrag vu Karlsruhe, oder och nach de Benelux-Vertrag. Si waren am Fong geholl déi grouss, géif ech soen, international Stateverträg, déi dat Ganzt geregelt hunn. Hannendrun hung dann ëmmer entweder d'Formatioun vun engem Syndikat oder awer enger A.s.b.l., fir eben déi Objektiver ze realiséieren, déi ee sech ginn huet.

Objektiver, déi sech hei am Land kéinten esou résuméiere mat Kläranlagen op der Our, mat engem Syndikat - dee schonn ugeschwat ginn ass vum Gilles Roth, vum Rapporteur, deem ech och Merci wëll soe fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport, dee ganz exhaustiv a ganz ausféierlech war -, also de Syndikat Rosport-Ralingen fir eng Sportshal, dann d'Pompjeeskonventiounen zwëschent Mompech an hiren däitschen Nopere respektiv zu Reisduerf, a last but not least och nach de PED am Dräilännereck, do ëm Péiteng, wat och eng A.s.b.l. ass.

Dat sinn also Zesummenaarbechten, déi haut existéieren, an et muss ee ganz kloer soen, de GECT ass e groussen Avantage, well fir d'Alleréischt emol - dat ass a mengen Ae ganz wichteg - kënne State wierklech un esou engem Gremium deelhuelen, wat haut net de Fall war, a grad an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg, wat kleng ass, wou awer verschidde Kompetenze just beim Stat sinn a vläicht net bei de Gemenge sinn, a wou et an anere Länner jo nach Zwëschestrukture gëtt wéi Regiounen, Departementer oder Sproochgemeinschaften.

Hei ass also d'Kompetenz beim Stat oder bei der Gemeng. Also ass et flott a wichteg, dass de Stat sech da kann engagéieren an iwwert d'Grenzen eraus mat den anere Partner zesummen eppes ënnerhuelen. Ech mengen, dat ass eppes, wat ee muss ervirsträichen.

Wat ganz wichteg ass, mengen ech, dat ass, dass dee gréissten Deel vun de Regelen, déi applicabel sinn an engem GECT, déi ginn am Fong geholl selwer iwwer e Règlement communautaire geregelt. Si si relativ prezis, ech géif soen zimlech prezis an och detailléiert. Si sinn uniform fir all Member. Dat ass wichteg, dat ass Transparenz, an nëmmen dat Recht vum eenzelne Stat spillt bei verschiddenen Dispositiounen, wat och scho gesot ginn ass. Dat Recht spillt am Fong geholl wou de Siège ass. Wann de Siège a Frankräich ass, spillt en anert lokaalt Recht, wéi wann en zu Lëtzebuerg ass.

Wat ganz wichteg ass, a wat een zum Beispill bei A.s.b.l.en net huet, dat ass, dass de Mechanismus vum Contrôle vum GECT direkt iwwer e Reglement fixéiert gëtt, an deen existéiert. Eng A.s.b.l. zum Beispill: Ech kënnt mer schwéier virstellen, dass e Stat oder e Land kéint Member ginn an enger A.s.b.l. An engem GECT kann en et awer ginn.

Mir hunn natierlech e ganze Koup A.s.b.l.en an eisem Land, am Beräich vun der Kultur, vum Tourismus oder och vum Sozialen, mä do ass sécherlech kee Contrôle vun der Tutelle, et ass keng Hierarchie do, wéi se am Fong geholl an der Verfassung festgehale ginn ass oder festgehalen ass. Duerfir ass et scho gutt, dass et esou an déi hei Richtung geet. D'Cour des Comptes vu Lëtzebuerg an och d'Cour des Comptes aus Frankräich, déi schreiwen ähnlech, loosse mer soen, déi hunn eng ähnlech Approche wéi déi, déi ech elo hei vertrieden, an zwar déi, dass ee sollt öffentlech Administratiounen net an A.s.b.l.e setzen, mä éischter dann iwwert de Wee vun engem GECT fueren.

De GECT huet nach e ganz grousse Virdeel, dat ass, dass een e kann ausbauen. Et ass e bësse wéi e Kostüm: Wann ee bäihëlt oder wëllt bäihuelen, da kann een e vergréisseren. Dat geet mat deemselwechten Instrument. Dat ass sécherlech eppes Guddes, dat ass evolutiv. Et ass e weidere groussen Avantage, an, wat en och nach huet, wat aner Strukture vläicht net hunn, en huet och nach e Pouvoir adjudicateur, wat och eng gutt Saach ass.

Last but not least ass nach en Aspekt, deen haut nach net ugeschwat ginn ass, deen awer och ganz wichteg ass, wann een an der Regioun zesummeschafft, dat ass d'„gouvernance multiniveaux", wéi se dat nennen. Dat heescht, et huet een ebe verschidde Partner, verschidden Niveauen, déi musse mateneen diskutéieren. An hei gëtt de GECT eis eben eng Méiglechkeet, fir op engem Niveau sech ze begéinen an do dann zesummen ze diskutéieren. A mengen Aen ass dat en ideaalt Instrument, fir Politik an der Groussregioun oder an de Regiounen ze maachen.

Wann een och do kuckt, wat et elo de Moment vu GECTe gëtt an Europa - ech hunn do nogekuckt bei dem Comité des Régions, déi hunn e Register iwwert d'GECT-Strukturen, deen ee kann um Site Internet nokucken -, deen éischte GECT, dee gegrënnt gouf, dat war an der Regioun Lille-Courtrai-Tournai. Dat ass ee GECT, deen ähnlech soll fonctionnéiere wéi deen, dee mir hei zu Lëtzebuerg wëlle kreéieren an der Groussregioun. Da gëtt et zwou Strukturen zwëschent Spuenien a Portugal, et gëtt zwou Strukturen zwëschent Ungarn an der Slowakei, et gëtt eng aner Struktur nach zwëschent der Belsch a Frankräich, am Mëttelmierraum gëtt et eng Struktur zwëschent Spuenien a Frankräich.

Et gëtt souguer e Statennetz op Basis vun engem GECT mat néng Staten. Dat ass also schonn eppes relativ Grousses, wat anscheinend ganz gutt fonctionnéiert a ganz stabel ass. Néng Staten hat ech gesot: EU-State si Griichenland, Zypern, Italien a Frankräich, an Net-EU-Staten Türkei, Serbien, Albanien, Israel a Palästina. Déi bréngen et also fäerdeg, zesummenzeschaffen, wat eng flott Approche ass.

Gradesou, géif ech bal soen, ass dee wichtegste GECT, dee bis elo gegrënnt ginn ass, dee vum Hôpital de Cerdagne. Dat ass eng Struktur zwëschent Frankräich a Spuenien, eng gemeinsam Gestioun, an déi wier net méiglech gewiescht ouni GECT. Dir gesitt also, dëse Projet de loi, deen haut hei soll gestëmmt ginn, dee gëtt eis dann d'Méiglechkeet, eben dësen an eisem nationale juristesche Regime ze applizéieren.

Et ass en technescht Gesetz. Personalfroe si flexibel. Ech hunn et scho gesot, Gemengen, Stat, Privat, alles ka matenee fonctionnéieren. D'Fonds structurels, déi fir déi nächst Period 2007-2013 verduebelt goufen, notamment am Beräich vum Interreg, déi kënnen iwwert dëst Instrument verdeelt ginn, an d'Reaffektatioun mécht sech sécherlech méi liicht iwwer e sougenannte GECT wéi vläicht iwwer e Stat.

Dir gesitt also, hei ass eppes Positives, wat sech haut hei deet, an ech géif gären zum Schluss de Jan Olbrycht, de Rapporteur vum Europaparlament, zitéieren, deen, wéi de Vote vum Règlement communautaire virgeholl ginn ass, deen dëse GECT da kreéiert, Folgendes gesot huet: «Le GECT est un nouvel instrument, qui doit encore trouver sa place dans le cadre juridique de chaque État membre. Ce processus n'est ni rapide, ni simple, mais les bénéfices à attendre devraient largement dépasser les investissements engagés pour les produire.» Dir gesitt also, wann een déi ganz Saach hei proaktiv ugeet, eng proaktiv Approche huet, dann ass dat sécherlech eng Chance fir eist Land an och eng Chance fir eis Regioun.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir hunn domat dëse Projet ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Déi perséinlech Stëmme fir d'éischt. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Jo, da stëmmt nach, Här Klein!

(Interruptions)

Also, Här Klein, wa mer Är Stëmm dann nach derbäizielen, dann ass de Projet de loi 5828 ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dem Här Mehlen seng och nach. Domat ass de Projet da mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener (par M. Marc Spautz), Norbert Haupert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Nancy Arendt), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par Mme Martine Stein-Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par M. Roland Schreiner), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet de loi 5824 iwwert d'Sécherheet an den Zich. Den honorabelen Här Schreiner ass hei Rapporteur. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Spautz, Berger, Braz a Gibéryen. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

7. 5824 - Projet de loi ayant pour objet

A) la transposition en droit national de la directive 2004/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 concernant la sécurité des chemins de fer communautaires;

B) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sécurité ferroviaire;

C) d'instituer une Administration des Chemins de Fer; et

D) de modifier

a) la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation et

b) la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics

Rapport de la Commission des Transports

M. Roland Schreiner *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut ass de Weltdag vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbechtsplaz, a gläichzäiteg den internationalen an europäeschen Aktiounsdag vun de Gewerkschafte fir d'Sécherheet op der Eisebunn. Et trëfft sech also gutt, dass mer och haut hei an der Chamber iwwert d'Sécherheet op der Eisebunn an am öffentlechen Transport schwätzen, an dat gläich am Kader vun zwee verschiddene Gesetzesprojeten.

D'Eisebunn ass dat sécherst Transportmëttel iwwerhaapt. D'Sécherheet - an do souwuel d'Betribssécherheet wéi och d'Aarbechtssécherheet - ass eng Grondvirausetzung fir hir Attraktivitéit, an duerfir musse mer alles drusetzen, fir déi Sécherheet stänneg ofzesécheren a wa méiglech auszebauen.

Den éischte Gesetzesprojet, deen ech lech wëll am Numm vun der Transportkommissioun hei rapportéieren, ass de Projet de loi 5824 iwwert d'Schafe vun enger neier Eisebunnsverwaltung, mat deem mer d'europäesch Direktiv 2004/49 elo vollstänneg an nationaalt Recht ëmsetzen.

Dës Direktiv ass Bestanddeel vum sougenannten zweete Paquet ferroviaire an huet zum Zil, d'Sécherheetsbestëmmungen op den europäeschen Eisebunnen ze harmonisëieren. Zum Deel gouf dës Direktiv schonn ëmgesat iwwert d'Gesetz vum 8. Mäerz 2002 iwwert d'Enquêtes techniques am Fall vun Accidenter oder schwéierwiegende Virfäll an de Beräicher vun der ziviler Loftfahrt an der Eisebunn, an och iwwer e Règlement grand-ducal vum 6. Juni 2003 an dësem Beräich.

Allerdéngs huet bei där Ëmsetzung nach ëmmer ee Volet gefeelt, obwuel d'Direktiv schonn den 30. Abrëll 2006 hätt sollen transposéiert sinn. Mir hunn also zimlech genau dräi Joer Verspéidung. Mat der Kreatioun vun der Administration des Chemins de Fer, enger um juristeschen, organisationellen an décisionnellë Plang onofhängeger Instanz, déi sech mat alle Froe vun der Sécherheet am Eisebunnsberäich befaasst an och de Relais spillt tëschent de verschiddenen Opérateuren an dem Gestionnaire vun der Schinneninfrastruktur, schléisse mer dann elo definitiv de Krees. Mir hunn dann déi Direktiv och komplett ëmgesat.

Här President, wéi ech scho gesot hunn, dës Direktiv 2004/49 ass Bestanddeel vum sougenannten zweete Paquet ferroviaire. De Projet de loi steet also generell am Kontext vun der europawäiter Liberaliséierung bei den Eisebunnen.

Et sief drun erënnert, dass d'Europäesch Kommissioun grondsätzlech der Meenung ass, dass den Transport iwwert d'Schinn méi konkurrenzfäeg ka si vis-à-vis vun aneren Transportmëttelen, virun allem vis-à-vis vum Stroossentransport, wann déi traditionell staatlech Monopole gebrach ginn an de Schinneverkéier op ass fir d'Konkurrenz. Zënter dem Ufank vun den 90er Jore gouf den Transport iwwert d'Schinn dofir schrëttweis liberaliséiert, ouni dass awer d'Theorie vun der Kommissioun bis haut déi vun hir erhofften Objektiver erreecht hätt.

Eng éischt Etapp war de sougenannten éischte Paquet ferroviaire, deen aus dräi Direktive bestanen huet, déi den Accès zum gesamten europäesche Gidderverkéiersnetz geregelt hunn, eng Harmoniséierung vun de Bestëmmungen iwwert d'Lizenzen, déi all Eisebunnsgesellschaft muss virweisen, erbäigefouert huet, an e prezisen an transparente Kader geschaf huet, wat d'Allocatioun vun de Capacitéiten op der Schinneninfrastruktur an hir Tarificatioun ugeet, fir op déi Manéier en équitabelen an net diskriminatoreschen Accès ze garantéieren.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Prioritéit haten also dobäi Prinzipien, déi d'Wettbewerbsverzerrunge sollte verhënneren an e fairen Zougank zum Schinnennetz fir all Konkurrente sollte sécherstellen, wat sech an der Verdeelung vun de Sillonen an der Tarificatioun erëmspigelt.

Den éischte Paquet ferroviaire huet awer wéineg un de Sécherheetsbestëmmunge geännert. Dat huet sech dann am zweete Paquet ferroviaire, deen den 23. Januar